adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4498**
Reçue le 15.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister, den Här Minister fir Ekonomie an den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Wéi rezent op verschiddene Plazen an der däitscher Presse ze liese war, sou zum Beispill am Artikel "*Nato-Chef will Bündnisfall auch im Weltraum*", deen den 11. Juni um Zitt vun NTV publizéiert gouf, hat den Här Jens Stoltenberg, Generolsekretär vun der NATO, ugekënnegt, sech um Sommet vum 14. Juni zu Bréissel duerfir anzesetzen, datt den Artikel 5 iwwert d'"*défense collective*" och op de Beräich vum Weltraum erweidert gëtt, sou datt dësen zum Beispill am Fall vun engem Akt vu Sabotage u Satellitte vun engem Natostaat kéint aktivéiert ginn. Am Communiqué deen d'NATO am Uschloss un de Sommet publizéiert hat, war an deem Sënn, ënnert dem Punkt 33 dëst ze liesen:
"*We recognise the growing importance of space for the security and prosperity of our nations and for NATO's deterrence and defence. Secure access to space services, products, and capabilities is essential for the conduct of the Alliance's operations, missions and activities. We will accelerate our work to deepen and expand our use of space as an operational domain, including through the NATO Space Centre in Germany and the upcoming establishment of the Space Centre of Excellence in France, which we welcome. We will strengthen NATO's space domain awareness and better integrate space in our activities, including training and exercises, resilience, and innovation efforts. Consistent with the Overarching Space Policy, NATO's approach to space will remain fully in line with international law. We support the international efforts to promote responsible behaviour in space. We consider that attacks to, from, or within space present a clear challenge to the security of the Alliance, the impact of which could threaten national and Euro-Atlantic prosperity, security, and stability, and could be as harmful to modern societies as a conventional attack. Such attacks could lead to the invocation of Article 5. A decision as to when such attacks would lead to the invocation of Article 5 would be taken by the North Atlantic Council on a case-by-case basis.*"

An ënnert dem Punkt 38 dëst:
"*The greatest responsibility of the Alliance is to protect and defend our territory and our populations against attack, as set out in Article 5 of the Washington Treaty. No one should doubt NATO's resolve if the security of any of its members were to be threatened. Faced with a highly diverse, complex, and demanding international security environment, NATO is determined to maintain the full range of capabilities necessary to deter and defend against any threat to the safety and security of our populations, wherever it should arise*".

Bei dëser Approche ass et op där enger Säit wichteg, op d'Restriktiounen am Bezuch op déi militäresch Notzung vum Weltraum, besonnesch am "*Outer Space Treaty*" vun 1967, opzepassen. Op där anerer Säit huet Lëtzebuerg am Kader vun der Bedreiwung vun zivillen oder militäresche Satellitten, vum Weltraumbiergbau ("*Space Mining*") oder, méi allgemeng, den Ambitiounen am Beräich vu "Space Resources", sou wéi och den Artemis-Accorden eng Rei vun eegenen nationale weltraumpoliteschen Interessen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu där uewen zitéierter, interpretativer Erweiderung vum Artikel 5 vum Nato-Vertrag elaboréieren? Wéi beurteelt si d'Fro vun der Kompatibilitéit mam "*Outer Space Treaty*" vun 1967?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si d'Kompatibilitéit vun dëser geplangter Erweiderung mat eisen nationalen ekonomesche Weltrauminteresse am Kader vun den Artemis-Accorde beurteelt? Gesäit si an der Formulatioun vun der NATO-Erklärung vum 14. Juni och d'Gefor vun enger Militariséierung vum Mound?
3) An der Äntwert op meng erweidert parlamentaresch Fro Nummer 53 huet den Här Wirtschaftsminister den 18. November 2020 an der Chamber ausgefouert, datt Lëtzebuerg nieft den Artemis-Accorden iwwer eng Rei weider, bilateral Kooperatiounen am Kader vun der Weltraumpolitik verfüügt. Kann d'Regierung elaboréieren, ëm wéi eng Accorden et sech hei handelt a wéi dës mat der zitéierter, interpretativer Erweiderung vum Nato-Vertrag kompatibel sinn?
4) Russland a China plange laangfristeg e Projet fir eng international Forschungsstatioun um Südpol vum Mound ("*International Lunar Research Station" ILRS)* ze lancéieren. En entspriechende "*Memorandum of Understanding*" gouf den 9. Mäerz dëst Joer ënnerschriwwen an den 23. Abrëll gouf d' Bedeelegungsméiglechkeet fir aner Staaten annoncéiert. Lëtzebuerg schafft un technesche Méiglechkeete fir speziell bei der Sich no Waasser och an dëser Regioun aktiv ze sinn. Envisagéiert d'Regierung an Zukunft eng potenziell Lëtzebuerg Bedeelegung um Projet vun der ILRS? Kënnen déi aktuell Entwécklungen am Beräich vun der NATO eng Brems fir déi international wëssenschaftlech oder ekonomesch Zesummenaarbecht, och am Weltraum, mat China a Russland duerstellen?
5) Gëtt et en *Avis juridique* vun der NATO oder huet d'Lëtzebuerger Regierung eng juristesch Analys iwwer d'Kompatibilitéit vun der NATO-Erklärung vum 14. Juni mat dem Weltraumrecht ugefrot, sou wéi et am Abléck gëllt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 4498
Reçue le 16.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 15 juillet 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, de Monsieur le Ministre de l'Economie et de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n°4498 posée le 15 juin 2021 par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER concernant l'application de l'article 5 du traité fondateur de l'OTAN dans l'espace.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, dem Här Aussen- an Europaminister, dem Här Wirtschaftsminister an dem Här Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n°4498 vum 15. Juni 2021 vun dem honorabelen Här Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert d'Applikatioun vum Artikel 5 vum NATO-Vertrag am Weltraum.**

**Zur Fro 1:**

Bei der zitéierter, interpretativer "Erweiderung" vum Artikel 5 vum NATO-Vertrag handelt et sech em e wichtegt an zäitgerecht Zeechen - am Aklang mat der Ausweidung vun den operationellen Domainer op "Cyber" a "Space" - dat am Sënn vun der Käraufgab vun der NATO als Verdeedegungspakt ze verstoen an ze begréissen ass. Dës Deklaratioun ass e wichtegen éischte Schrëtt fir der NATO an den Alliéierten d'Mëttelen ze ginn, fir hierer Missioun gerecht ze ginn, an dat am Aklang mat applicabelem internationale Recht. Wichteg ass, datt hei a priori kee Konflikt mam "Outer Space Treaty (OST)" als Deel vum internationale Recht ginn ass, speziell well all Decisioun, eng kollektiv Äntwert ënnert dem Artikel 5 vum Nato-Vertrag ze ginn jo ëmmer eng kollektiv politesch Entscheedung duerch den nordatlantesche Conseil bleift, ënner Considératioun vun den applicabelen internationale Reegelen, also och dem OST.

**Zur Fro 2:**

Déi Lëtzebuerger Participatioun am Kader vun den Artemis-Accorde mat den USA ass domadder net a Fro gestallt. D'Motivatioun fir bei dëser Initiativ matzemaachen ass nämlech an der Haaptsaach wëssenschaftlecher Natur.

D'NATO als Verdeedegungsbündnis setzt sech dofir an, dass Weltraumaktivitéiten op eng responsabel a nohalteg Manéier gemaach ginn. Eng Militariséierung vum Weltraum soll deemno verhënnert ginn. Gläichzäiteg behält sech d'NATO natierlech hiert Recht vir, hier eegen Infrastruktur géint Ugrëff am an aus dem Weltraum ze schützen, am Aklang mat de Prinzipien déi an der Äntwert op déi éischt Fro ausgefouert sinn.

**Zur Fro 3:**

Lëtzebuerg huet an de leschte Jore mat enger limitéierter Zuel vun Drëttlänner spezifesch bilateral Accorden oder administrativ Arrangementer ënnerschriwwe fir eng méiglech Kooperatioun vun Aktivitéiten am Weltraum ze förderen. Déi ugestrieften Zesummenaarbecht bezitt sech ëmmer ausdrécklech op déi friddlech Notzung, esou datt et kee Lien mat militäreschen Aktivitéite gëtt. Dës verschidden administrativ Accorden a "Memoranda of Understanding" schreiwen sech an de Kontext vun der bekannter Initiativ SpaceResources.lu an. Fir déi international Kooperatioun ronderëm d'Exploratioun an d'Notze vu Ressourcen am Weltraum weider ze promouvéieren, goufen zum Beispill mat Australien, der Belsch, China,

Japan, Polen, Portugal, Tschechien oder de Vereenegten Arabeschen Emirater esou bilateral Kooperatiounen an Arrangementer ënnerschriwwen.

**Zur Fro 4:**

Den ambitiéise Projet vu Russland a vu China, fir um Mound eng Fuerschungsstatioun opzebauen, ass eng Initiativ déi ënner Ëmstänn kéint eng Opportunitéit fir verschidden Acteuren aus dem Secteur vun de Weltraumaktivitéiten duerstellen. D'Luxembourg Space Agency suivéiert dëse Projet dofir ganz genee, mee et ass, an dësem fréie Stadium vun der Initiativ, nach keng Decisioun geholl ginn ob et iwwerhaapt opportun ass fir sech vläicht eemol un dëser Initiative ze bedeelegen.

**Zur Fro 5:**

Et ginn am Kader vun der NATO (wéi och an aneren internationale Foren) reegelméisseg Consultatiounen ënnert den Alliéierten zu de verschiddensten Theme vu strategescher an operationeller Relevanz, sou natierlech och zu de Froen déi de Weltall als fënneften "operational Domain" betreffen. An dësem Kontext ginn och spezifesch juristesch Analysen ausgefouert an ënnert Alliéierte beschwat, wou Lëtzebuerg natierlech och bedeelegt ass. Hei sief gesot, wéi och am Kontext vum "Cyber", datt d'NATO an d'Alliéiert sech un internationaalt Recht halen an sech och dofir engagéieren. Déi ugeschwate Substanz vun der NATO-Erklärung steet deemno net am Widdersproch zum applicabele Weltraumrecht, dat jo als Deel vum internationale Recht ugesi gëtt.